

Den éischte Muergen



Photo: Marc Scheffen

E steet mat e puer aner do a kuckt no, wéi dee grouse Bagger sech d'Scheppe Buedem hëlt an s'op de Kamion ausschëtt. De Mann um Bagger mécht eng propper Aarbecht, 't as nët sou einfach mat där Schëpp ze hantéieren, well lénks a riets lafe Kanäleier a wéi séier as do dragefacht. De Chauffeur vum Kamion sëtzt gemittlech hanert dem Steerrad a fëmmt eng Zigarett. Zwei Leit um ganze Schantjen!

E steet mat e puer aner do a kuckt no, wéi s'e puer ausgewesse Beem erbäiféieren a virun dem Cercle an de Buedem setzen. Se man d'Plëss méi grouss, huet e gelies. De Mann um Kamion mécht eng Millimeteraarbecht an dësen enke Kéieren, well och hei sin iwerrall Grief ausgehät. D'Stad kritt nei Träipen agesat.

E steet mat e puer aner do a kuckt dem Poppespiller no, deen sech beim roude Pëtz installéiert huet. Dee léisst séng Marionetten danzen a spillt iwverdeems op enger auslännescher Zort Flütt, déi wéi eng kleng Uergel ausgesäit. D'Leit gehein him Zwanzegfrangstécker op eng Decken.

„De Wecker huet gerabbelt, 't as Zäit“, sot séng Fra de mueren an huet hie liicht mam Ielebou gestouss. Hien huet näischt geäntwert an as leie bliwen. Op eemol huet séng Fra sech erëmgedréit.

„Wat as lass, stees d'nët op?“, huet se gefrot. „Bass de krank?“

„Ech sin entlooss“, huet en hir geäntwert, „fir mech rabbelt kee Wecker méi.“ E war ganz roueg dobäi.

Séng Fra as opgestan a goung an d'Buedzëmmer. Wéi s'erëmkoum,

blouf s'an der Dir ston. Hiirt Gesiicht war kal an haart.

„An elo?“, frot se, „du fënns jo ni eng Plaz mat dénge fofzeg?“

„Dat weess ech“, sot hien an as opgestan. A well se nët gefrot huet, firwat se'n erausgehät hun, huet en hir et gesot. „Ech géif et nët méi bréngen“, soten se, „se missten de Magazin souwiso elo ganz op Computer ëmstellen, an dat wir eppes fir jong Leit, déi dat geleiert hun. Ech krit jo aacht Méint ausbezuelt, an ech géif schon nach eppes aneshtes fannen“.

„Séngerliewen nët!“, huet séng Fra jhust geäntwert an as erof an d'Kiche gaang. Méi hat se nët derzou ze son. Se hun sech souwi sou well laang nët méi vill ze son. Mä dat „séngerliewen nët“ huet em wéigedoen.

E steet déi aner Säit um Trottoir a bekuckt sech di däischer Glas- an Eisefassad vun der Aarbechtsplazvermëttlung. 'T gi vill Leit an an aus, meeschtens jonker; vu fofzeg as bis elo nach kee en drënner gewiescht. E misst eigentlech agon, fir sech aschreiwen ze loosenen.

D'Kollegen aus dem Magazin stoungen do, wéi wann d'Hénger en d'Brout geholl hätt. Hien dierft sech dat nët gefale loosenen, hun se gemengt. Am Fong missten si elo alleguer streiken, huet en anere virgeschlon. Dat misst awer durch d'Gewerkschafte gon, sot en drëtten. Hie war ni an enger Gewerkschaft. Op jiddenfall misst sou eng Schwéngerei an d'Zeitung hun se gemengt. An se kéimen hien doheem besichen.

„Léiwer nët“, sot hien. Du as e gaangen. Hie bräicht déi gesetzlech Kennungszäiten nët ofzeschaffen hat de Patron gesot; dann hätt e jo laang Zäit fir sech eng aner ze sichen.

„Du fënns séngerliewen keng!“, huet séng Fra de muere gesot.

Op der Theaterplaz sin se bal fäerdeg. De Parking leeft schon. Énnen am Bierg schaffen se Dag an Nuecht um Tunnel. Elauter Auslänner. Dobannen an deem Lach wëllt en och nët ofgemoolt sin.

Der Däiwel weess, wat déi op der Aarbechtsplazvermëttlung em nach ubidde wäerten.

Beim Musee schlou se eise Péil an de Buedem, fir datt kee méi do parke kann.

E steet nees mat e puer aner um roude Pëtz dem Poppespiller nozekucken. 'T schéngt nach aner Leit ze gin, déi gutt Zäit hun.

'T as gläich mëtteg. De Mëtteg geet en sech aschreiwe loosenen.

„Du fënns séngerliewe keng!“ sot séng Fra. E weisst gâr, wat se gekacht huet. Se huet nach déi frësch Pai.

An der Fënster vum Bicherbuttek um Gruet hun s'en neit Buch ausgestallt; e lëtzebuergesch; wéinstens fofzeg mol läit et do. „Du brauchst kee Strack“, heescht et.

Op der Trap vun der protestantescher Kierch sëtzt e Strummert mat sénger Fläsch roude Wäin. D'Kanner aus der Schoul sti ronderëm en a gekken. 'T sin elauter portugiesescher.

E fäart bal, fir heem ze gon. Dat hat e soss ni.

Josy Braun